ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2018

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister, den Här Minister fir bannenzech Sécherheet an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Dat neit Taxi-Gesetz ass zënter dem 1.September 2016 a Kraaft. Eng Rei nei Bestëmmungen aus dem Gesetz gi bis haut net respektéiert, z.B. an der Fro vun der fräier Wiel vun engem Taxi an enger Rei vun Taxien, wéi dat virun allem um Fluchhafen an och op der Stater Gare de Fall ass. Doriwwer eraus stellen sech och Froen, wat déi elektresch Taxi-Gefierer uginn.

Ee vun den Haaptobjektiver vun der Gesetzreform war et, fir mat fräien Taxi-Präisser d'Taxifuere méi bëlleg ze maachen. Dem Statec no sinn awer d'Präisser tëschent Juli 2017 an Dezember 2018 ëm iwwer 11% geklommen. Domadder gehéieren d'Taxien hei am Land zu deenen deiersten a ganz Europa. Dem Konsumenteschutz no hunn Erfarungen am Ausland gewisen, datt eng Liberaliséierung vun de Präisser d'Taxifuere méi deier mécht. D'ULC fuerdert elo eng Revisioun vum Taxi-Gesetz.

Dowéinst wéilt ech deenen Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Dem neie Gesetz no gëtt et keng Taxischlaang méi, wou de Client obligéiert ass, fir deen éischten Won an der Rei ze huelen. Hie ka sech theoretesch säin Taxi fräi eraussichen. An der Praxis klappt dat awer dacks net. Ass deenen Häre Ministeren dës Situatioun bekannt a, wa jo, wat wëllen si dogéint ënnerhuelen?
2. Wär et an den An vun deenen Häre Ministeren net opportun, fir e Service-Taxi, zum Beispill vun der Police oder der Douane, anzeféieren, dee kontrolléiert, op déi gesetzlech Bestëmmungen agehale ginn? Zum Beispill ob d'Lizenzen an der Rei sinn, d'Qualitéit vum Service stëmmt oder d'Hygiène an den Taxie respektéiert gëtt?
3. Aktuell gëtt et op d'mannst 60 elektresch Taxi-Gefierer am Land. An all Joer kommen der via déi sougenannten 0-Emissiouns-Lizenze wéinstens zwanzeg derbäi. D'Luede vun engem elektreschen Auto hellt awer ganz vill Zäit, wat fir en Taxi jo och e grousse Verdéngschtausfall ka bedeiten. Firwat ass nach keng eenzeg Statioun mat där neier Luedtechnik "Supercharger" bei den Taxisplazen installéiert ginn, mat där een eng Batterie a manner wéi enger Stonn zu ronn 90% opluede kann?
4. Sinn déi Häre Ministeren sech der Entwécklung vun den Taxispräiser hei am Land bewosst? Ass d'Regierung der Meenung, datt déi héich Taxispräiser kënnen en ongënschtegen Afloss op d'Promotioun vu Lëtzebuerg am Tourismus an am Kongress-Tourismus hunn? Wat wëll d'Regierung ënnerhuele fir deenen deiere Präisser entgéintzewierken?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

5. Gëtt d'Taxigesetz nach eemol ugepasst, wa jo, wéini a wat fir eng Ännerunge ginn der Chamber konkret proposéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire
ADR – Parti politique
22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg
Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745